

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

p. 33

M. Claude Wiseler, Président

2. Dépôt d'une proposition de loi par M. Marc Goergen

p. 33

Exposé : M. Marc Goergen

3. Interpellation de Mme Claire Delcourt au sujet de la pauvreté des enfants

p. 34

Exposé : Mme Claire Delcourt (dépôt des motions 1 et 2)

Débat : M. Paul Galles | Mme Mandy Minella (dépôt de la motion 3) | Mme Francine Closener (dépôt de la motion 4) | M. Fred Keup | Mme Joëlle Welfring | M. Ben Polidori | M. Marc Baum

Prises de position du Gouvernement : M. Max Hahn, Ministre de la Famille, des Solidarités, du Vivre ensemble et de l'Accueil | M. Marc Goergen (parole après ministre) | M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

Motion 1 : Mme Claire Delcourt | Mme Corinne Cahen | M. Paul Galles | M. Marc Baum | M. Ben Polidori

Vote sur la motion 1 (adoptée)

Motion 2 : Mme Claire Delcourt | Mme Corinne Cahen | M. Fred Keup

Vote sur la motion 2 (rejetée)

Motion 3 : M. Fred Keup | M. Ben Polidori | M. Marc Baum | Mme Claire Delcourt | Mme Joëlle Welfring

Vote sur la motion 3 (adoptée)

Motion 4 : Mme Francine Closener | M. Gilles Baum | M. Paul Galles | M. Ben Polidori

Vote sur la motion 4 (rejetée)

4. 8224 – Projet de loi portant sur la construction des extensions de la ligne de tramway à Luxembourg entre les stations Rout Bréck-Pafendall et Laangfur au Kirchberg et entre les stations Gare Centrale et Hollerich

p. 52

Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics : Mme Corinne Cahen

Discussion générale : M. Paul Galles | Mme Claire Delcourt | M. Jeff Engelen | M. Meris Sehovic (dépôt de la motion 1) | M. Marc Goergen | M. David Wagner (interventions de M. Sven Clement et M. François Bausch) | Mme Lydie Polfer

Prise de position du Gouvernement : Mme Yuriko Backes, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics | M. Marc Goergen (parole après ministre) (intervention de Mme Corinne Cahen)

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8224

Motion 1 : M. Meris Sehovic | Mme Lydie Polfer | M. Marc Goergen | M. David Wagner (intervention de M. Marc Goergen) | M. François Bausch (intervention de Mme Lydie Polfer) | M. Jeff Engelen | M. Meris Sehovic (interventions de M. Gilles Baum et M. François Bausch) | M. François Bausch | M. Gilles Baum

Vote sur la motion 1 (rejetée)

Dispense du second vote constitutionnel du projet de loi 8224

5. Heure d'actualité de la sensibilité politique déi gréng au sujet de la réglementation des nouveaux OGM

p. 58

Exposé : Mme Joëlle Welfring (dépôt de la motion 1)

Débat : M. Jeff Boonen (dépôt de la motion 2) | M. Luc Emering | Mme Claire Delcourt | Mme Alexandra Schoos | M. Ben Polidori | M. David Wagner

Prise de position du Gouvernement : Mme Martine Hansen, Ministre de l'Agriculture, de l'Alimentation et de la Viticulture (intervention de M. Sven Clement)

Motion 1 : Mme Joëlle Welfring | Mme Claire Delcourt | M. Jeff Boonen | M. Ben Polidori | Mme Alexandra Schoos | M. Luc Emering

Vote sur la motion 1 (rejetée)

Motion 2 : M. Jeff Boonen | Mme Joëlle Welfring | Mme Claire Delcourt | M. David Wagner

Vote sur la motion 2 (adoptée)

6. Désignation d'un président et de quatre membres du Centre pour l'égalité de traitement

p. 64

M. Claude Wiseler, Président (interventions de M. Sven Clement, M. Marc Goergen et Mme Paulette Lenert)

Vote pour le poste de président du Centre pour l'égalité de traitement

Vote pour le poste de premier membre du Centre pour l'égalité de traitement

Vote pour le poste de deuxième membre du Centre pour l'égalité de traitement

Vote pour le poste de troisième membre du Centre pour l'égalité de traitement

Vote pour le poste de quatrième membre du Centre pour l'égalité de traitement

Présidence : M. Claude Wiseler, Président ; M. Fernand Etgen, Vice-Président

Au banc du Gouvernement : Mme Martine Hansen, M. Claude Meisch, Mme Yuriko Backes et M. Max Hahn, Ministres

(La séance publique est ouverte à 14.00 heures.)

1. Ouverture de la séance publique

M. Claude Wiseler, Président | Ech maachen d'Sézung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

M. Max Hahn, Ministre | Dat ass net de Fall.

2. Dépôt d'une proposition de loi par M. Marc Goergen

M. Claude Wiseler, Président | Dann hunn ech eng Wuertmeldung vum Här Goergen. Här Goergen, sot ...

M. Marc Goergen (Piraten), auteur | Ech hunn eng Proposition de loi.

M. Claude Wiseler, Président | Dir wëllt eng Proposition de loi deposéieren. Dann hutt Der d'Wuert.

Exposé

M. Marc Goergen (Piraten), auteur | Villmools merci, Här President. Meng Proposition de loi wäert

Iech elo net iwwerraschen. Ech hu just de Moien nach eng Kéier d'Versammlung vun der Justizkommissioun ofgewart. An zwar geet et do ëm d'Heescheverbuet, wou zwou verschidden Interpretatiounen am Raum stinn.

D'Majoritéit seet, am Code pénal steet et nach dran. D'Oppositioun, wann och net geschlossen, seet, et steet net méi dran. Elo hu mer de Moien dann e Schrëftstück zougestallt kritt vun der Etüd Thewes & Reuter am Opdrag vun der Regierung. Ech muss ëmmer bei den Avisen oppassen, dass ech net dee vun der Stad Lëtzebuerg mat deem vun der Regierung verwieselen, wou bei béiden awer drasteet, dass de Strofbestand vun der Heescherei am Code pénal „toujours en vigueur et n'a pas été abrogé“ ass.

Dat huet eis als Piraten derzou gefouert, dass mer gesot hunn: „Ma da kommt, da musse mer dat schnell iwwer e Gesetz reegelen!“ Well wann ech de Moien an der Kommissioun gutt nogelauschert hunn, si mer eis an all de Parteien eens, dass keen déi einfach Heescherei verbidde wëllt.

Mee d'Interpretatioun vun der Regierung ass am Moment, dass dat am Code pénal nach esou géif stoen. Dat werft iwwregens aner Froen op, ob

d'Gemengereglement dann iwwerhaupt nach méiglech ass, well d'Madamm Polfer jo elo nuets awer d'Heescherei erlaabt, déi am Code pénal laut der Regierung verbueden ass.

Dofir sinn do ganz vill Punkten, déi een elo eng Kéier muss klären. An dofir wollt mer elo, dass mer op de seriöse Wee gi vun enger Proposition de loi. An dat ass och eng ganz kuerz, dat heescht, ech hoffen, de Staatsrot – eenzel Memberen hu sech jo scho mam Theema befaasst – wäert elo ganz schnell kënnen domadder schaffen an och d'Chamber. Här President, ech bieden Iech, dass mer ganz schnell do wäerte virukommen an der Chamber, well et ass en Article unique.

An zwar geet et eis dorëm, dass mer einfach soen: „Le point 6° est supprimé“ aus dem Code pénal. Dat heescht, dass alles gekläert ass, dass mer einfach hei an der Chamber, wou mer eis alleguerten eens sinn, eng Kéier soen, dass déi einfach Heescherei net méi am Code pénal soll verbuede sinn. Ech mengen, dat wär dat Bescht, wat mer am Moment kënnen maachen, well et sinn esou vill Leit dobaussen, déi am Ongewësse sinn, an et ass d'Parlament, dat elo endlech soll seng Meenung soen an d'Gesetzter soll an

d'Hand huelen, fir dee Couac, deen do nach komm ass duerch e Feeler 2008, 2015, elo endlech ze behiemen, fir dass mer Kloeerheet hu fir jiddereen.

Merci.

8354 – Proposition de loi modifiant l'article 563 du Code pénal

Plusieurs voix | Ganz gutt!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Goergen. Dat geet dann elo säi parlamentaresche Wee.

3. Interpellation de Mme Claire Delcourt au sujet de la pauvreté des enfants

Mir fänken dann u mam éischte Punkt vun der Sëtzung vun haut de Mëtten, an zwar mat der Interpellatioun vun der Madamm Claire Delcourt iwwert d'Kanneraarmut. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht an deemno follgendermoossen opgedeelt: D'Interpellatrice huet 30 Minutten, d'CSV huet 31 Minutten, d'DP 24, d'LSAP 21, d'ADR 15, déi gréng, d'Piraten an déi Lénk 10, an duerno d'Regierung 30 Minutten. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Paul Galles, d'Madamm Mandy Minella, d'Madamm Francine Closener, den Här Fred Keup, d'Madamm Joëlle Welfring, den Här Ben Polidori an den Här Marc Baum. An d'Wuert huet elo déi honorabel Madamm Claire Delcourt als Auteur vun der Interpellatioun.

Exposé

Mme Claire Delcourt (LSAP), interpellatrice | Merci, Här President. Léif Kollegeinnen a Kollegen, Schong, déi op eemol ze kleng sinn, e Besuch beim Zännokter, wou eng méi speziell Behandlung néideg ass, e futtisse Brëll oder d'Wäschmaschine, déi futti geet: Mënschen, déi en Aarmutsrisiko hunn, an ëmsou méi Famillje mat Kanner, liewe permanent mat engem Damoklesschwäert iwwert dem Kapp. Si struewelen all Dag, fir iergendwéi iwwert d'Ronnen ze kommen an d'Enner och beieneenzekréien, wat souwisou an Zäite vun der Präisdéierecht an den héijen Energiepräisser ëmmer méi schwéier gëtt. Gläichzäitig si se sech zu all Moment bewusst, dass nëmme eppes Klenges muss geschéien, fir dass d'Situatioun kippt.

Här President, mir fänken eis Chamberssëtzung haut mat engem trauregen, awer pertinenten Theema un, dat net dierf a Vergiessenheet geroden: d'Kanneraarmut zu Lëtzebuerg. Als Mamm läit mir dëst Theema immens un Häerz an dowéinst ass et mir wichteg, datt mir eis Zäit huelen, hei an der Chamber doriwwer ze schwätzen.

Lëtzebuerg ass eent vun deene räichste Länner an Europa an trotzdeem geet d'Schéier tëschent Aarm a Räich ëmmer méi ausereneen. D'Kanneraarmut gëtt leider net eng eenzeg Kéier am Koalitionsaccord ernimmt. Dat fannen ech immens bedauerlech an dat mécht mir Suergen. An esou engem Land ewéi Lëtzebuerg, wéi kann et do sinn, datt mer iwwerhaupt vu Kanneraarmut musse schwätzen?

De Rapport vun der Unicef vun Dezember 2023 weist erschreckend Zuelen: Eent vu véier Kanner zu Lëtzebuerg ënnerläit dem Aarmutsrisiko. Dëst sinn ongeféier 30.000 Kanner. A méi wéi d'Hallschent vun dëse Kanner befanne sech iwwer laang Zäit an enger Aarmutssituatioun. Et ass dat, wat ee „pauvreté persistante“ nennt.

Den Alldag vun deene Kanner ass vun dëser Aarmut geprägt. Et kann ee sech nëmme schwéier virstellen, wat et mat Kanner mécht, wa si wëssen oder och just wa si spieren, dass all Imprevu kéint zu enger Katastroph ginn. Wa si matkréien, dass et e Lach an d'Familljekeess rappt oder datt d'Eltere mussen ëm

Hëllef biede goen, wann e Schoulausflug usteet, bei deem eng Participatioun vun den Eltere gefrot ass.

Mee anscheinend gëtt et awer nach genuch Leit, déi allkéiers, wann nei Zuelen iwwert den Aarmutsrisiko verëffentlecht ginn, d'Methodologie selwer a Fro stellen. Als Erënnerung: Vum Aarmutsrisiko beträff ass een, wann ee manner wéi 60 % vum Revenu médian zur Verfügung huet. Dat wieren 2.266 Euro. An da gëtt eebe relativéiert a gesot, de Revenu médian wier awer zu Lëtzebuerg immens héich an dofir wieren déi Zuelen net wirklech eescht ze huelen.

Dozou ass ze soen, dass et sech hei ëm international festgeluechte Moossinstrumenter handelt an dass souwisou och den Unicef-Rapport d'Situatioun vun de Kanner an de räichste Länner vergläicht. Méi wichteg schénkt et mir, dass all d'Echoen, d'Stellungnahmen an d'Rapporte vum Terrain beweisen, dass den Aarmutsrisiko an d'Luucht geet: D'Zuel vun de Leit, déi sech un d'Offices sociaux adresséieren, déi an d'Épiceries sociales mussen akafé goen, déi all méiglech Hëllef froen, geet an d'Luucht.

Bei der Kanneraarmut gëtt esou iwwerengs och net nëmme déi finanziell Aarmut gemooss, mee och zum Beispill d'Privation matérielle. Och hei dréit et sech ëm eng Lëscht vu präzisen, wëssenschaftlech definéierten an internationale Krittären, wéi zum Beispill dem Zougang zu enger gesonder an equilibréierter Ernährung oder dass d'Kanner zwee Puer Schong an der passender Gréisst hunn, déi an engem uerdentlechen Zoustand sinn. An am räiche Lëtzebuerg sinn ëmmerhin 8,1 % vun de Kanner – dat sinn der ronn 10.000 – vu Privation matérielle beträff. Bei 3,7 % ass et esouguer eng Privation matérielle sévère. Suerge muss et engem och maachen, wann ee weess, dass bal 20 % vun de Kanner an enger Wunneng liewen, déi an engem schlechten Zoustand ass, wou et zum Beispill erareent oder wou sech plazeweis Schimmel forméiert.

D'Unicef ënnersträicht an hirem Rapport och generell, dass e gudd Wirtschaftswuesstum an de Wuelstand, deen eropgeet, net automatesch e positiven Afloss op d'Kanneraarmut hunn. Et ass esouguer esou, dass grad dann déi defavoriséiert Familljen an hir Kanner weider ofgehaange ginn an dass d'Ënnerscheeder an déi gesellschaftlech Ausgrenzung méi grouss ginn.

D'Unicef betount och, dass d'Kanneraarmut e ganz spezifesch Problem ass an net eleng als Ënnerkapitel zum Theema Aarmut ze gesinn ass. D'Kanner sinn nach eng Kéier anescht a méi beträff. Si leide besonnesch a méi staark ënnert der Aarmut, déi sech och a sozialer Exklusioon ausdréckt, an dat a ville Liwensberäicher: dem gesellschaftleche Liwene, der Bildung, der Kultur, dem Sport, der Gesondheet. Déi betraffe Kanner wuessen op ouni gesond Ernährung an a Konditiounen, déi Konsequenzen op hiert spéidert Liwene hunn. Déi Situatioun huet Auswierkungen op hir kierperlech a mental Gesondheet gradewéi op hir schoulesch a beruflech Chancen an Entwécklung – alles Saachen, déi Konsequenzen op hiert weidert Liwene als Erwuesener hunn. D'Resultat: D'Aarmut gëtt weiderverierft, d'Ongläichheete gi méi grouss a se ginn zementéiert.

Aus all deene Grënn schénkt et evident, dass d'Kanneraarmut ganz spezifesch muss ugaange ginn.

Elo ass et net esou, dass an deene vergaangene Jorenen näischt geschitt wier, fir de Kanner hir Situatioun generell ze verbesseren a fir och géint d'Kanneraarmut virzegoen: Mam REVIS gouf d'Ënnerstützung fir d'Kanner, a besonnesch nach eng Kéier déi fir Kanner vun Alengerzéier, gehéicht. De Chèque-service, d'gratis Kannerbetreuer, d'gratis Mëttegiessie während de Schoulwoche goufen agefouert, gradewéi d'gratis Schoulbicher am Secondaire. De Mindestloun gouf ëm

100 Euro netto an d'Luucht gesat a virum Hannergrond vun der Energiekris an der Präisdéierecht goufe verschidden Hëllefene ausgeweit a weider Ënnerstützungen agefouert.

Zu Lëtzebuerg fléisst 16,8 % vum PIB an d'Familljeleeschungen, Prestations familiales en espèces. Dat ass esou vill wéi a kengem anere vun deenen 38 Länner, déi d'Unicef bei hirem Etüd ënnert d'Lupp geholl huet.

D'Unicef stellt och fest, dass ouni déi Transfers sociaux den Aarmutsrisiko bei de Kanner esou bei 38 % géif leien. An dobäi sinn net emol all déi net monetär Leeschtungen mat berücksichtegt ginn.

Dat heescht, mir maachen effektiv enorm vill fir eis Kanner, mee et bleift, dass d'Zuele vun der Unicef an d'Echoe vum Terrain eis weisen, dass all déi Leeschtungen an Hëllefene et net fäerdegbréngen, d'Situatioun vun de Kanner ze verbesseren. Déi rezent Tendenz weise souguer, datt sech d'Situatioun vun de Kanner verschlechtert huet.

Mir mussen eis also elo hei d'Fro stellen, wat mir kënnen a mussen anescht maachen, wat et brauch, fir d'Kanneraarmut effektiv a geziilt ze bekämpfen.

A wann ech hei vu „musse“ schwätzen oder virun allem vu „musse maachen“, da mengen ech dat och esou. Et ass e Grondreicht, datt d'Kanner a Würdegen, adequate Konditiounen opwuesse kënnen, well d'Recht vun de Kanner op, an ech zitieren, „un niveau de vie suffisant pour permettre son développement physique, mental, spirituel, moral et social“ steet an der Internationaler Kannerrechtsconventioun festgeschriwwen, déi Lëtzebuerg am Dezember 1993 ratifizéiert huet – also viru méi ewéi 30 Joer! Och an eiser neier Verfassung ass esou e Recht festgeschriwwen. Mir hunn deemno eng Obligation légale, fir derfir ze suergen, dass d'Kanner – an dat heescht all d'Kanner! – a Bedéngungen opwuesse, déi hinnen et erlaben, sech an all deene Beräicher kënnen ze entwéckelen an ze entfalten.

Ech wëll hoffen, dass mir dofir all un engem Strang zéien, fir déi Erausforderungen unzegoen!

Eng vun de Recommendatiounen vun der Unicef betrëfft den nationalen Aktiounsplang fir déi europäesch Garantie pour l'enfance. Ech hu mat Freed festgestallt: Lëtzebuerg huet effektiv esou e Plan d'action national. An um Site vum MEN fënnt een en Dokument, wou eng Hellewull vu Mesürene opgezielt ginn. Dobäi gesinn ech allerdéngs zwee Problemer: De Plang huet kaum Visibilitéit an ass domat kaum bekannt an zweetens besteet dee Plang aus Mesürene, déi et souwisou scho gëtt a gouf. Dat geet vum Chèque-service an der Éducation plurilingue iwwert d'Diversifikatioun vun der Schouloufir mat ënner anerem der Alphabetiséierung op Franséisch an den ëffentlechen internationale Schoule bis zu der Hausaufgabenhëllef an de gratis Schoulbicher. Ernimmt ginn och eng sëlleg Subventionen: d'Allocation de rentrée scolaire, Subventionen fir Ménages à faible revenu, den Office national de l'enfance a sou weider a sou virun.

Net dass déi Mesürene a Servicer schlecht oder net sënnavoll wieren – am Géigendeel, mir hu vill a gutt Mesürene. Mee als Deel vun engem neie Plang fir d'Garantie européenne pour l'enfance ass do weineg Neies derbäi. Virun allem awer schénkt et mir, wéi wa mir d'Päerd hei vun hannen opsuedele géifen: Mir sollen e Plang op d'Bee stelle mam Zil, géint Kanneraarmut an Exklusioon virzegoen.

Mir feelen do: d'Definitioun vu konkreeten Ziler an Ënnerziler; d'Ausschaffe vun enger Gesamtstrategie mat enger transversaler Approche, wou Mesürene aus de verschiddene Beräicher openeen ofgestëmmt sinn; d'Definitiounen vun Indicateuren, déi et erlaben ze moossen, wat mir maachen, ob eise Plang och